ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 25. Juli 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden.

Wéinst dem Roude Schéierschwanz musse verschidde Wandmillen am Land iwwert den Dag unhalen. Dëst féiert natierlech zu engem Produktiounsausfall an domat zu engem finanzielle Verloscht fir déi eenzel Bedreiwer.

An dësem Kontext hätt ech folgend Fro un d'Madame Minister:

1. Wéi sinn déi eenzel Stonnen, an deenen déi betraffe Wandmille wéinst dem Roude Schéierschwanz mussen unhalen, genee festgeluecht?
2. Wie kënnt fir dëse finanzielle Verloscht op?
3. Wéi gëtt dëse berechent?
4. Sinn déi Stonnen esou berechent, datt d'Sécherheet fir d'Vulle garantéiert ass, oder kéint de Roude Schéierschwanz trotzdeem nach zu aneren Dageszäiten dem Rotor zum Affer falen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique